# Parbréif

fir d'Par

**Äischdall-Helpert**

**St. Willibrord**

Wochen vum 28. Oktober bis den 8. Dezember 2024

N° 6/24 – Jg 8



Kierfecht zu Bruch (Miersch)
(Foto: J. Santer)

# Merci

Um Christkinneksonndeg feieren eis Gesangs- a Musiksveräiner hier Patréinesch, d'helleg Cäcilia, däer hiere Gedenkdag den 22. November ass. Bei dëser Geleeënheet wëlle mer villmols Merci soën:

- Eise Chorallen mat all hiere Sängerinnen a Sänger a Dirigenten, déi eist kierchlecht Liewen am Laaf vum Joer mat hierem Sangen ënnerstëtzen. Nët vergiesse wëlle mer do och hieren Déngscht bei de Begriefnismassen, dee nët esou selbstverständlech ass, wéi oft gemengt gëtt.
- Besonnesch ënnert hinnen grousse Merci eise Kierchechéier, déi sonndes fir sonndes um Dill sinn, fir eis Sonndesmassen ze verschéineren.
- Eisen Organistinnen an Organisten, déi d'Kinnigin vun den Instrumenter, eis Uergelen, zum Luef vum Härgott erklénge loossen.
- Eise Musiken, déi dat kierchlecht Liewen am Laaf vum Joer mat hiere Kläng ënnerstëtzen.
- Alle gleewege Leit, déi matsangen zur Éier vum Härgott an zu Freed vun de Mënschen.
- Eis Kanner an hier Elteren mam Organist, déi eis Kannermassen zu liewege Gottesdéngschter maachen.



Foto : Sylvio Krüger / pfarrbriefservice.de

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Pastoralteam
# Equipe pastorale

---

# Parzenter – Centre paroissial

## 61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

☎ 20 80 02 60 aischdall-helpert@cathol.lu

**Bürosstonnen:**
freides vun 13 bis 17 Auer

(oder iwwer Email oder op Rendez-Vous)

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer ☎ 26610403 joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon ☎ 20800260 jos.halsdorf@cathol.lu

**Telefon am Noutfall: ☎ 621966429**
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
**22. November 2024 um 12 Auer!**

Parbréif 6/24 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt.
www.gemeindebriefdruckerei.de (verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 7/24 geet vum 9. Dezember 2024 bis den 19. Januar 2025

**Impressum:**
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

**https://cathol.lu/aischdall-helpert**

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

# Nët verléieren, mä gewannen

*Gedanken zum November*

Ass de November nët den depriméiernste Mount am Joer? D'Deeg gi méi kuerz, méi kaal, méi gro. D'Beem verléieren déi bis viru kuerzem nach faarweg Blieder, déi elo brong op de Buedem faalen. Obwuel dëse Mount engem op d'Gemitt schloë kann, enthält hiën dach an de kierchleche Feieren schon Äntwerten op d'Fro: "Firwat dëst Verléieren an Ofstierwen?" "Firwat ass alles Irdëscht vergänglech?" D'Natur stierwt, fir sech op Neies virzebereeden. Mir fänken dëse Mount u mat engem frouen Héichfest, op deem mer dem Härgott Merci soën, datt hiën säi Versprieche wouer gemaach huet an äis nët an der Däischtert vum Doud léisst. Um Allerhellgefest (1. November) feiere mer, datt den Härgott der schon esou vill a seng Härlechkeet geruff huet, datt hiën hiert Liewen grad nët verluer goë léisst, datt hiën et nët brong an ausgedréchent op de Buedem faale léisst, mä datt hiën ët vollend an der Éiwegkeet. Schon den Dag drop, op Allerséilen (2. November) biede mer fir eis Verstuerwen. Als Communautéit vereenege mer eis Stëmmen a verbannen äis am Gebiet iwwer d'Grenzen vum Doud eraus, datt den Härgott alles heele soll, wat nach blesséiert a nach nët voll versöhnt ass. Um leschte Sonndeg vum Kierchejoer (24. November) feiert d'Kierch feierlech eisen Här Jesus Christus als deen, deen hiën a Wierklechkeet ass: De Kinnek vun der Welt, den Herrscher iwwer den Doud, de Kinnek vum Liewen. Hiën ass selwer duerch all Leed an Däischtert gaangen an huet gewonnen; hië léisst äis u senger Victoire deelhunn an huet äis doduerch nei déi richteg Würd geschenkt: D'Kinnekräich vum Jesus ënnerscheed sech däitlech vum weltleche Kinnekräich. "Mäi Kinnekréich", seet hiën zum Pilatus, "ass nët vun dëser Welt."[1] Hiën ass nët komm, fir ze herrschen, mä fir ze déngen. Hië kënnt nët mat den Zeechen vu Muecht, mä mat der Muecht vun den Zeechen. Hiën ass nët mat kostbaren Insignien bekleed, mä hiën hänkt plaakeg um Kräiz. An dach gëtt de Jesus um Kräiz

[1] Joh 18,36.

als "Kinnek"[2] bezeechent. Säi Kinnekräich geet iwwer all Virstellungen eraus. Mir kéinnte soën, datt hië kee Kinnek wéi anerer ass, mä hiën ass Kinnek fir déi aner. De Jesus verzicht nët nëmmen op Unerkennung a Muecht an dëser Welt, mä hkië befreit och a mecht d'Häerzer vun deenen souverän, déi a senger Nofolleg stinn. Hië befreit äis vun der Ofhängegkeet vum Béisen. Säi Räich mecht fräi, et huet näischt Ënnerdrécktes u sech. Hië behandelt all Jünger wéi ee Frënd, nët wéi een, dee näischt wäert ass. Obwuel Christus iwwer all Herrscher steet, zitt hië keng Trennlinne zwësche sech an deenen aneren, mä hië wëll Bridder a Schwësteren, mat deenen hië seng Freed deele kann.[3] Wann een him nogeet, verléiert ee näischt, mä et gewënnt een u mënschlecher Würd. Nët verléieren, mä gewannen; oder besser: am Verléieren mat Christus scho gewonnen ze hunn, dat ass eent vun de Geheimnisser vum groë November.

Abbé Joël Santer
Paschtouer



Foto: Christian Schmitt / pfarrbriefservice.de

---

[2] Vgl. Joh 19,19.
[3] Vgl. Joh 15,11.

# Gottesdéngschtuerdnung

## fir d'Wochen vum 28. Oktober bis den 9. Dezember 2024

Méindeg, 28.10.24 **Fest vun den hellegen Apostelen**
**Simon a Judas Thaddäus**

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 29.10.24

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Mëttwoch, 30.10.24

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 31.10.24 (Hl. Wolfgang, + 994)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Joermass fir Abbé Nicolas Georges.

17:00 **Bruch:** Beichtgeleeënheet virun Allerhellgen (bis 18 Auer).



## Héichfest Allerhellgen B

Freideg, 01.11.24 1. Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

09:00 **Bëschdref:** Festmass fir Frédéric Bâlon a Famill / fir Germaine Jentges-Nilles.
Uschléissend: **Griewerseenung**.

10:30 **Biissen:** Festmass als Houmass op Meenung fir d'Par / fir Gusty a Marechen Adam-Winandy / fir d'Verstuerwen vun der Famill Glaesener-Elsen / fir Jos Kesseler / fir d'Verstuerwen vun der Famill Kesseler-Flammang.
Uschléissend: **Griewerseenung**.

14:30 **Äischen:** Festmass fir Ed a Marthe Smiechowski-Schlim an Elteren a fir Suzanne Schlim / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Stalter-Schmit.
Uschléissend: **Griewerseenung**.

16:00 **Habscht:** **Griewerseenung**.

*Kollekt fir d'Sozialteam vu Bounneweg!*

## Allerséilen B

Samschdeg, 02.11.24

10:30 **Simmer:** Requiemsmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Ries (Ka).
Uschléissend: **Griewerseenung** um alen, duerno um neie Kierfecht.

14:30 **Säll:** Requiemsmass fir all Verstuerwen aus der Par / Stëftung fir all Uleies vun éiwege Stëftungen.
Uschléissend: **Griewerseenung** um alen, duerno um neie Kierfecht.

16:00 **Kaalmes: Griewerseenung.**

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

# 31. Sonndeg am Joreskrees B

Samschdeg, 02.11.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Marie-Anne Bock-Damoiseaux / 1. Joermass fir Nicolas Klein / 1. Joermass fir Roland Weis.

Sonndeg, 03.11.24 Hellegen Hubertus, +727

Duerfpatréiner vu Sëll

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M111).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 04.11.24 Hl. Karl Borromäus, + 1584

09:00 **Téinten:** Mass als 24. Joermass fir Mgr Voytech Havasi.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedungsversammlung.

Dënschdeg, 05.11.24 Pilgerfaahrt op Iechternach

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir déi arem Séilen a fir d'Verstuerwen vun der Famill vum Stëfter.

15:30 **Iechternach:** Pilgermass um Graw vum hellege Willibrord, op Meenung vun alle Pilger aus dem Dekanat „Zentrum".

**Wa Leit gären mam Bus géife matfueren, dee vu Réiden hier iwwer Miersch op Iechternach fiert, däerfe si sech gären am Mierscher Parsekretariat (Tel.: 32 00 59) renseignéieren.**

Mëttwoch, 06.11.24 (Hl. Leonhard, + 6. Jht)

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 07.11.24 **Héichfest vum hellege Willibrord, +739**
**Haaptpatréiner vun eiser Par**
Zweete Landespatréiner

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Festmass zur Éier vum hellege Willibrord, op Meenung (M112).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Bëschdref:** Festmass zur Éier vum hellege Willibrord, op Meenung fir d'Par.

Freideg, 08.11.24

18:30 **Béiwen:** Mass als 6. Wochemass fir Anne Hoffmann-Kariger.



Bild: Peter Weidemann / pfarrbriefservice.de

Samschdeg, 09.11.24 Kierchweifest vun der Lateranbasilika
Kathedral vu Roum

10:30 **Bruch:** Accueil vum Weibëschof Mgr Leo Wagener virun der Parkierch, uschléissend: feierlech **Firmungsmass** mat Spendung vum Firmsakrament fir 12 Jonker aus eiser Par.

## 32. Sonndeg am Joreskrees B

Äussert Patronatsfest vun eiser Par

Samschdeg, 09.11.24

18:00 **Biissen:** Virowend- a Festmass zur Éier vum hellege Willibrord, als 1. Joermass fir Pierre Ledesch / 20. Joermass fir Sascha Weber / fir d'Schwëster Monina / Stëftung fir Jean-Pierre a Catherine Schmitgen-Biver.

Sonndeg, 10.11.24

09:00 **Äischen:** Festmass zur Éier vum hellege Willibrord, fir Mady Waltzing-Franck.

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-2).

10:30 **Bruch:** Feierlech Houmass zur Éier vum hellege Willibrord, op Meenung fir d'Par / 1. Joermass fir Jean Wester.

11:45 **Bruch:** Kannermass als Stëftung zur Éier vum hellege Willibrord, fir Famill, Frënn a Wohltäter vum Stëfter.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 11.11.24 **Hl. Martin, +397**

**Haaptpatréiner vun der Kierch vu Simmer**

18:30 **Simmer:** Festmass zur Éier vum hellege Mäerten, op Meenung (M113).

Dënschdeg, 12.11.24 Hl. Josaphat, +1623

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Bert Deischter.

Mëttwoch, 13.11.24

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Oppent Sangen fir Grouss a Kleng.

Donneschdeg, 14.11.24

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Stëftung fir Marguerite Weis.

Freideg, 15.11.24 (Hl. Leopold, + 1136 / Hl. Albert, + 1280)

18:30 **Béiwen:** Mass als 1. Joermass fir Raymond Biver.

Samschdeg, 16.11.24 (Hl. Margareta vu Schottland, + 1093)

09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-1).

15:00 **Habscht:** Daffeier fir Lea Dostert.



## 33. Sonndeg am Joreskrees B

**Äussert Kierchweifest vun der Parkierch vu Bruch (Kiermes)**

Äussert Kierchweifest vun der Kierch vu Kaalmes (Kiermes)

Samschdeg, 16.11.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir José Dias / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Jean-Pierre Disiviscour.

Sonndeg, 17.11.24

09:00 **Habscht:** Gemeinschafttsmass zur Éier vun der helleger Cäcilia, fir all lieweg a verstuerwe Memberen vun de „Chorales réunies Ste-Cécile Äischen-Habscht-Käerch" an der Habschter Harmonie / op Meenung (HD).

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-3).

10:30 **Bruch:** Feierlech **Kiermesmass** als Houmass op Meenung fir d'Par / fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Bruch, vu Kaalmes a vum Openthalt / 1. Joermass fir Marcel Frisch / 1. Joermass fir Henri Krier / fir d'Verstuerwen vun der Famill Krier-Pütz / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Rieff-Gieres, Strasser-Marx, fir Agnès Steil-Rieff a fir Erny Rieff.

11:45 **Bruch:** Kanner- a **Kiermesmass** op Meenung (M114).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 17 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 18.11.24 (Weihedag vum Péitersdoum am Vatikan & der Paulusbasilika zu Roum

09:00 **Téinten:** Mass fir Jean Milmeister.

Dënschdeg, 19.11.24 Hl. Elisabeth vun Thüringen, + 1231

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Mans-Hoeger.

Mëttwoch, 20.11.24

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 21.11.24 Muttergottes vu Jerusalem

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M115).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierungvun eiser Par.

Freideg, 22.11.24 Hl. Cäcilia, + ëm 250

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Abbé Paul Colling.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10 Auer).

Samschdeg, 23.11.24 (Hl. Poopst Klemens I., + 1. Jht & Hl. Kolumban, + 615)

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Marie Wirtz.

14:30 **Bruch/Parzenter:** Jugendkatechees (CATE-4).



Foto: Sylvio Kröger / pfarrbriefservice.de

**34. (leschte) Sonndeg am Joreskrees B**

# Héichfest Christkinnek

Samschdeg, 23.11.24

18:00 **Biissen:** Virowend- a Festmass zur Éier vu Christus dem Kinnek an der helleger Cäcilia, fir all liewend a verstuerwe Memberen vun der „Chorale Ste-Cécile Biissen" an der „Fanfare Biissen" / 1. Joermass fir Elise Jaeger-Koel / fir André a Marguerite Hommel-Stiefer, fir Carlo Hommel a fir d'Verstuerwen vun der Famill Brouscher-Blaadt.

Sonndeg, 24.11.24

09:00 **Simmer:** Festmass zur Éier vu Christus dem Kinnek an der helleger Cäcilia, fir all liewend a verstuerwe Memberen vun der „Chorale Ste-Cécile Simmer" / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famillje Ries an Didier (Ka).

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-2).

10:30 **Bruch:** Festmass zur Éier vu Christus dem Kinnek als Houmass op Meenung fir d'Par / zur Éier vun der helleger Cäcilia fir all liewend a verstuerwe Memberen vum „Männerkouer Béiwen/Atert", der „Chorale Ste-Cécile Bëschdref", dem „Sängerbond Bruch", der „Chorale Ste-Cécile Säll", der „Chorale Ste-Cécile Téinten" an der „Säller Musek" / 1. Joermass fir Irène Gilson-Conrardy.

11:45 **Bruch:** Kannermass zur Éier vu Christus dem Kinnek, op Meenung (M116).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 25.11.24 Hl. Katharina vum Alexandrien, +5. Jht
Niewepatréinesch vun der Kierch vu Bëschdref

09:00 **Téinten:** Mass fir Marie-Thérèse Fischbach-Weyland.

19:00 **Bruch/Parzenter:** Versammlung vum CGP09.

Dënschdeg, 26.11.24 (Hll. Konrad a Gebhard, + 10. Jht)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M117).

Mëttwoch, 27.11.24

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 28.11.24

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M118).

Freideg, 29.11.24

19:00 **Äischen:** Mass zur Éier vun der helleger Bärbel **– musikalesch gestallt vun der Harmonie Äischen -** fir all liewend a verstuerwe Pompjeeën aus der Gemeng Habscht.

Samschdeg, 30.11.24 **Fest vum hellegen Apostel Andreas**

09:00 **Bruch/Parzenter:** Versammlung vun der Katecheesekipp.

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Layna Maraschin.

14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-1).

16:00 **Bruch:** Daffeier fir Leonie Leches.

# Ufank vum neie Kierchejoer C

## 1. Sonndeg am Advent C

Samschdeg, 30.11.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Pierre Ledesch a fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch-Thein / fir Jean a Colette Zimmer-Kellen.



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Sonndeg, 01.12.24

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir Jean-Marie Wolf, fir Marie Kuentziger an Thérèse Lambert.

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-3).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (M119).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 17 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 02.12.24 (Hl. Luzius vu Chur, +5. Jht)

09:00 **Téinten:** Mass als Stëftung fir Camille a Marguerite Fischbach-Huberta a Kanner.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedungsversammlung.

Dënschdeg, 03.12.24 Hl. Franz Xaver, + 1552

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Wester-Losselong.

Mëttwoch, 04.12.24 Hl. Barbara, +306

Niewepatréinesch vun der Kierch vu Bëschdref

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 05.12.24 (Hl. Anno vu Köln, +1075)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Stëftung fir Marie Schummer.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Bëschdref:** Mass fir Frédéric Bâlon a Famill.

Freideg, 06.12.24 **Hl. Niklos, +ëm 350**



**Haaptpatréiner vun der Kierch vun Habscht**

Niewepatréinesch vun der Kierch vu Bëschdref

1. Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

18:00 **Habscht:** Kannermass zur Éier vum hellege Niklos, op Meenung (M120).

Samschdeg, 07.12.24 Hl. Ambrosius vu Mailand, + 397

10:00 **Wolwen:** Mass zur Éier vun der helleger Bärbel, fir all liewend a verstuerwe Memberen vun de « Frënn vun der Lee a.s.b.l. ».

14:30 **Bruch/Parzenter:** Jugendkatechees (CATE-4).

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet.

# 2. Sonndeg am Advent C

Samschdeg, 07.12.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 1. Joermass fir Marguerite Thillmany-Wiesen / 12. Joermass fir Erwin a Margot Ries-Schmoetten / fir Rui Rodrigues.



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Sonndeg, 08.12.24

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir d'Verstuerwen vun der Famill Sinnes-Larbière a fir Margot Sinnes.

10:00 **Bruch/Parzenter :** Katechees (CATE-2).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Jean-Mathias Roller a Famill.

11:45 **Bruch:** Kannermass fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 17 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Centre de Formation Diocésain JEAN XXIII

## Interessante Schnupperdag!
## Infodag iwwert d'Gesondheetspastoral

# E benevolt Engagement bäi eeleren an/oder kranke Mënschen?

Zesumme mat der Gesondheetspastoral invitéiert de CFD all intresséiert Leit op een Informatiounsdag. Vum Alter an/oder der Krankheet beréiert, stell dir iech d'Fro vun engem benevollen Engagement an engem Spidol, Alters-oder Fleegeheem ? Duerfir bidden déi Verantwortlech aus den Aumônerien vun de Spideeler, Alters- oder Fleegeheimer een Dag vu Begéinung a Sensibiliséierung un, wou si déi villfälteg Servicer vun der Gesondheetspastoral an eiser Diözees virstellen.
Zéckt duerfir net fir Samschdes de 26. Oktober 2024 op eise Schnupperdag ze kommen: Moies vun 10.00 – 12.00 op lëtzebuergesch a nométtes vun 14.00 – 16.00 op franséisch. Umeldunge mat Mëttegiesse gi bis den 21. Oktober op pastoraledelasante@cathol.lu ugeholl. D'Begéinung fënnt op 50, avenue Gaston Diderich L-1420 Lëtzebuerg-Belair statt.

Fir all weider Informatioune kënnt Dir iech gär un d'Madame Josiane Mirkes 621 26 32 56, Referentin fir Gesondheetspastoral am Bistum wenden.

**WOU?**
Maison d'accueil des Srs. Franciscaines
50 avenue Gaston Diderich
L-1420 Luxembourg-Belair

**DATUM**
26.10.2024

vun 10.00 - 12.00 Auer op Lëtzebuergesch

vun 14.00 - 16.00 Auer op Franséisch

**ORGANISATIOUN**
Centre de formation diocésain Jean XXIII en collaboration avec la Pastorale de la Santé

**INFORMATIOUNEN AN UMELDUNG**
pastoraledelasante@cathol.lu
Mme Josiane Mirkes
621 26 32 56



Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

# INVITATION

Nous, l'équipe de la maternité du CHdN, en étroite collaboration avec ses services associés, vous invitons chaleureusement à notre cérémonie en commémoration des enfants décédés avant, pendant ou après leur naissance.


Après cette rencontre, nous vous proposons un échange avec nos professionnels, accompagné de café et gâteaux.



# Livestream

## AUS EISER PARKIERCH VU BRUCH

Dir fannt eise Livestream all Sonndes um Youtube iwwert eisen Kont Äischdall-Helpert






**Communauté Vie Chrétienne**
in Zusammenarbeit mit den Jesuiten in Luxemburg,
ErwuesseBildung asbl und der Kommission 'Justice et Paix'.

## Der Zukunft eine Zukunft geben
## Spirituelle Aspekte der sozial-ökologischen Transformation

Es steht nicht gut um die Welt in der wir leben. Immer mehr Menschen fragen sich: "Wie und wo kann ich mich sinnvoll einbringen?"
Der Jesuit Fabian Moos zeigt Haltungen und Wege auf, die es ermöglichen, an einer lebbaren Zukunft mitzubauen. Dabei fragt er auch nach den psychischen und geistigen Ressourcen, die wir dazu brauchen, ohne an unseren eigenen Grenzen zu zerbrechen.

**Maison d'accueil des Sœurs Franciscaines**
**50 Av. Gaston Diderich, 1420 Luxembourg**

**Freitag, 8. November 2024, 19.30 Uhr: Vortrag mit Fabian Moos sj***
Simultanübersetzung ins Französische. Eintritt frei. Keine Anmeldung erforderlich.

**Samstag, 9. November 2024, 9.30 -13.00 Uhr: Workshop**
Partner stellen ihre Projekte vor und berichten, was sie bewegt.
Partnerorganisationen: Biovereenegung, Caritas, CELL (Citizens for ecological learning and living), JRS (Jesuit Refugee Service), Kooperativen Terra und 'vun der Atert', Partage.lu, Projekt Ukama Nürnberg (Fabian Moos sj).

Nach der Veranstaltung: Suppe vor Ort
Anmeldung für Workshop, Anmeldung für Suppe:
secretariat@cvx.lu; Tel: 621 784 784 (Marguerite Ries)

Weitere Informationen: www.cvx.lu

***Fabian Moos SJ**, Jahrgang 1985, Autor des Buches „Der Zukunft eine Zukunft geben", seit 2023 Mitarbeiter des Ukama-Zentrums für Sozial-Ökologische Transformation in Nürnberg, mehrsprachig (deutsch, französisch, spanisch), Theologiestudium in Paris, Bewohner und Mitarbeiter des alternativen Hochschulcampus Campus de la transition (2021-2023). Sein Interesse gilt der Verbindung von Transformation, Pädagogik und Spiritualität.





## Informatiounen aus eiser Par :

- Et besteet dee flotte Brauch, Wunnengen oder Haiser aseenen ze loossen. Mellt Iech duerfir am Parsekretariat (Tel.: 20800260).
- Gäre komme mir bei déi Krank heem fir een Hausbesuch, oder och fir d'Krankekommioun, d'Krankesalbung oder d'Krankebeicht. Zéckt nët, bei eise Geeschtlechen oder am Parsekretariat no engem Rendez-Vous ze froën.
- Massintentiounen kënne bestallt ginn am Parsekretariat zu Bruch oder duerch Iwwerweisung op eise Massekont (LU31 1111 2577 0270 0000).

## Aus eisen Dierfer:

- **Äischen:**

- An der Äischener Kierch hannen hu mer jo – an engem Tiermchen – déi fréier Dafkapell, wou momentan op engem Dësch d'Tréischterin aus Steen steet, déi fréier an der Kapell op Rentert stoung. Mir géife gär dës Dafkapell amenagéieren, andeems d'Tréischterin op ee Sockel aus Steen un der Mauer opgehaange gëtt. Eventuell kéinnte nach aner Statuen do eng Plaz fannen. Sou kéinnt dës fréier Dafkapell eng schéi Plaz an eiser Kierch ginn. Wann Dir eis gäre dobäi hëllefe wëllt: mir si frou iwwer all Don!
- D'Konstruktioun vun den hëlzerne Träpplecken vum Héich- a vun de Säitenaltoer léisst no, a si riskéiere futti ze goën. Mir hunn esou eng schéin a monumental Kierch mat engem wonnerbare barocke Mobilier, an et wier wichteg, och dës Trepplécken (esou wéi zu Biissen) an d'Rei ze setzen. Mir géifen eis freeën op Är finanziell Ënnerstëtzung an Hëllef, eis Kierch weiderhinn ze verschéineren. Dir kënnt Ären Don iwwerweisen oder an der Sakristei ofginn.

- **Biissen:**

- Zu Biissen an der Kierch hu mer am Chouerraum jo véier Statuen, déi polychroméiert (faarweg) goufen. Schéi wier et, wa mer weiderfuere

- kéinnten, a lues a lues och d'Statuen am Kierchescheff kéinnten polychroméieren an esou upassen. Eise Kiercheraum kënnt an d'Joren, an et wier schéin, wa mer eis monumental neogotesch Kierch lues a lues nach méi schéi maache kéinnten. Mir géifen eis iwwer all Don freeën!
- An der Kierch feelen eis Hockeren fir d'Brautpuer bei enger Hochzäit a fir d'Massendénger. Mir wéillte gären zeng esou Hockeren (am neogotesche Stil, fir datt se bei de neogotesche Mobilier passen) uschaafen, an een Hocker kascht 480 €. Vläicht wëll deen oder aneren äis dobäi hëllefen. Et ass eng nohalteg Uschaafung, well am Moment fuere mat engem Sammelsurium un Hockeren, déi nët passen. Esou géife mer lues a lues eis monumental Kierch nach méi schéi maachen. Merci fir Är Hëllef, op déi mir ëmmer ziele kënnen, fir eis Kierch ze verschéineren. Dir kënnt Ären Don iwwerweisen oder an der Sakristei ofginn.
- Zu Biissen an der Wobiergskapell hu mer ee grousse Probleem mam Daach, dee virum Wanter misst gefléckt ginn. Well d'Kapell dem Kierchefong gehéiert, ass dës Dépense zu eise Laaschten. Ee weidere Probleem, deen sech an deene nächste Jore stelle wäert, sinn d'Kapellefënsteren, déi iergend-wann och eng Kéier misse restauréiert ginn. D'Verbläiung vun de Fënsteren fänkt u, futti ze goën, an et missten och zwou Fënsteren kënnen op- an zougemaach ginn fir ze Lëften, fir datt kee Schimmel opkënnt (mir haate scho Schimmel an der Kapell): am Resumé: sämtlech Fënsteren missten nogekuckt ginn. Dat geet awer nëmmen mat Ärer Hëllef, duerfir si mir och hei frou iwwer all Don fir eis Wobiergskapell!

- **<u>Sëll:</u>**
  Zu Sëll haat d'Muttergottes guer keng Chance: nodeems si am leschte Wanter den Zepter geklaut kruut, kruut si elo och nach hier Kroun an déi vum Jesuskand geklaut. Lo steet se do, ouni alles. Mir géifen hier awer erëm gäre nei Krounen, een Häerz a Schlëssel (mat Ketten) an een Zepter zréckginn. Wann d'Garnitur erëm komplett ass, setze mer d'Statu vun der Tréischterin an d'Dafkapell, wou kee méi u se erukënnt. Wann Dir eis gären dobäi hëllef wéillt: mir si frou iwwer all Don!

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
KIERCHEFONG

# SOS

## Ënnerstëtzt d'kathoulesch Kierch an eiser Par

1. **CGP09: fir d'Pastoral an der ganzer Par:**
   **LU13 0019 5055 9546 1000**

Pay mobile with
payconiq

2. **FE025: fir d'Kierchegebaier an der Gemeng Biissen:**
   **LU04 0019 3400 0024 8000**

Pay mobile with
payconiq

3. **FE026: fir d'Kierchegebaier an der Gemeng Helperknapp**
   **LU51 1111 0414 7960 0000**

4. **FE027: fir d'Kierchegebaier an der Gemeng Säll**
   **LU32 0090 0000 2025 0601**


5. **FE028: fir d'Kierchegebaier an der Gemeng Habscht**
   **LU46 1111 0818 8214 0000**

**All Donateur kritt ee Certificat vum Kierchefong fir bei d'Steiererklärung ze leeën.**

# https://cathol.lu/aischdall-helpert

**Op eiser Homepage fannt Dir ëmmer déi aktuellst Neiegkeeten aus eiser Par!**

**Um Youtube kënnt Dir iwwer eisen Account „aischdall-helpert“ all Sonndesmassen aus der Parkierch vu Bruch kucken.**

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord






SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

CAP Construction
Art et Pavés · Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

# Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT
CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

www.sopiconcept.lu


El Payador

RESTAURANT
SUDAMERICANO

2, rte. de Finsterthal
L-7769 Bissen

Tel: 26885135
Fax: 26887235

www.elpayador.lu - info@elpayador.lu



*Restaurant-Brasserie*
*Am Hennesbau*
*15 c rue de la Fail*
*L-9175 Niederfeulen*
Tel.: 26 90 45 77 ou
info@deklautjen.lu

# Hélène Grober

HG — Depuis 30 ans déjà !

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION

NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN



MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente



EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

**Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.**

**Tél.: 40 97 90**

**Autres projets en vente ou à venir* :**

**BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)**
**LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)**

… et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT



# Wagner

## pompes funèbres

**<u>Tél : 32 92 27</u> (24/24)**

**45, rue Principale**

**L-7595 Reckange/Mersch**

**pfwagner@pt.lu**

Au service des défunts et de leurs familles en deuil

24/24 heures pendant toute l'année

- Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
- Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
- Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
- Transports nationaux et internationaux
- Incinération sans adhérence à une société
- Fleurs et accessoires